



**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op déi dréngend parlamentaresch Fro n° 7378  
vum 14. Dezember 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Froen 7214, 7102 respektiv 7153 ënnerstrach, ass d'Situatioun rondrëm d'Bronchiolite-Epidemie generell ugespaant. D'Situatioun vun den Bronchioliten ass op héijem Niveau souwäit stabil, allerdéngs kommen an der Zweschenzäit nach weider respiratoresch Infektiouskrankheeten dobäi (Streptokock A, Adenovirus, COVID, Influenza). Et ass ze notéieren dass den Zoulaf an den Service d'Urgences vun der Kannerklinik an och den aneren Spideeler aktuell ganz héich ass.

D'Direktioun vum CHL huet eng spezifesch Cellule de crise op d'Been gestallt vir méi ee präzisen Suivi vun der Evolutioun vun Bronchiolitefäll kënnen ze maachen. D'Kapazitéiten un Better sinn an den bestehenden Unitéiten duerch duebel Beleeung eropgesat ginn. Fir prioritär Bronchiolitefäll kënnen ze traitéieren, huet den CHL décidéiert fir während enger gewässer Zäitspan geplangten chirurgesch Interventiounen z'annuléieren wann dëst keen Risiko fir d'Kanner duerstellt. Esou kann d'Personal am Hôpital du Jour d'Equippen ënnerstëtzen den Suivi vun Patienten ze maachen déi um Respiratory Syncytal Virus Infektion (RSV) erkrankt sinn.

Et sief notéiert dass 8 zousätzlech stationär Better an der Kannerklinik genehmegt an realiséiert goufen fir esou iwwert eng zousätzlech Kapazitéit während enger akuter Phas ze verfügen.

Zesummen mat dem CHEM an dem HRS huet den CHL een 'plan de montée en charge' opgestallt an et gëtt all Dag den Point tëschent den Responsabelen gemaach. Dëst erlaabt ëmmer eng Prise en charge kënnen z'assuréieren.

D'stationär Prise en charge vun de Kanner mat Bronchioliten an RSV ass relativ kuerz ausser bei méi komplizéierten Fäll sou dass d'Situatioun séier evoluéiert. Zu dësem Zäitpunkt sinn d'Kapazitéiten mat den aménagéierten Better ausraichend.

Lëtzebuerg, den 15. Dezember 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert